



Mat Kanner iwwert d'Thema Krich schwätzen



Aktuell ass Krich an der Ukrain. Och eis Kanner kréien dëse Konflikt mat. Virun allem méi jonk Kanner kënnen oft d'Zesammenhäng vu Gewalt a Krich schwéier verstoen. Dowéinst ass et wichtig, dass Eltere Kanner begleeden. Eltere solle mat hire Kanner doriwwer schwätzen, hinne Sécherheet ginn an zesummen altersgerecht Sendunge kucken.

D'Noriichtesendung "logo!", "neuneinhalb" an de Kannerradio "Kiraka" erklären den Ugrëff vu Russland op d'Ukrain kannergerecht an ouni gewalttätig Biller. Weider kannergerecht Erklärunge kann een ënner www.kika.de oder bei der "Sendung mit der Maus" fannen.

Eege Gefiller matdeelen/erklären



Eltere brauchen hir Suergen net ze verstopp, mee sollen dës léiwere oppe matdeelen. Dowéinst ass et wichtig, d'Situatioun sou neutral wéi méiglech ze erklären, optimistesche ze bleiwen a positiv Aspekter ervirzehiewen (z. B. Europa hält zesummen).



Si sollen sech net vun hiren eegene Gefiller matrappe loossen an dës direkt un d'Kanner weiderginn. Wgl. d'Verbreede vun Angscht a Panik vermeiden.

Douce mat de Kanner schwätzen



De Kanner d'Méiglechkeet ginn, hir Froen oppen ze stellen. Op d'Froe vun de Kanner konkret Äntwerte ginn a mat einfache Wieder erklären wat geschitt ass. Déi meescht Kanner gi ganz séier erëm an hiren Alldag zeréck.



Vermeit wgl. de Kanner beläschend Noriichten oder Biller ze weisen, Detailler ze nennen oder Zouspëtzungen ze erwänen.

Ängschten huelen



Kanner versetzen sech oft an d'Lag vun de betraffene Mënschen. Si froen sech, op dat och bei eis passéiere kann. Oft si Kanner iwwerfuerdert. Dowéinst ass et wichtig, Angscht eescht ze huelen, Kanner ze tréischten an hinne Sécherheet an Halt ze ginn (z. B. zesummen iwwert d'Thema schwätzen, Kanner ureegen sech matzedeelen, asw.) Deeglech Routine gëtt de Kanner Sécherheet.



Banaliséieren ass keng ugemoosse Reaktioun. "Dat verstees du nach net" bréngt d'Kanner net weider, mee erhéicht d'Veronsécherung an d'Angscht.

Elteren als Virbiller



Virun allem bei eelere Kanner a Jugendleche sollen d'Eltere mat guddem Beispill fir goen. Informatiounen a Quelle préiwen a Gerüchter an Hetz aussortéieren. Oppen iwwert d'Thema schwätzen, zesummen Äntwerte fannen, wann een als Erwuessenen d'Äntwert net kennt.



E stännegt Kucke vum Krich op de Medie kann zu Angscht a Veronsécherung féieren. Et besteet d'Gefor, dass d'Bedreeung méi grouss schéngt ze sinn, wéi se eigentlech ass.



Fazit

Jee nodeem wéi al d'Kanner sinn, interesséiere sinn sech dacks fir ganz verschidden Aspekter vun Evenementer. Zousätzlech kënnen d'Elteren hir Kanner encouragéieren, hir Gefiller an engem Bild, Bréif oder enger Geschicht auszudrécken. Eeler Kanner kënnen sech och mat passende Bicher, Programmer oder Websäiten direkt mat den Ursachen a Konsequenze vum Krich auserneesetzen. Zum Beispill kënnen Teenager aktiv u Solidaritéitsaktiounen, Online-Foren, Hëllefscampagnen, asw. deel huelen.

Heiansdo ass et besser, fir de Flux vun Informatioun ganz auszuschalten. Amplaz um Fernsee oder um Internet drunzebleiwen, mécht et a ville Fäll méi Sënn, fir Ären normalen Alldag ze liewen. Awer d'Kanner brauchen d'Gefill, datt se informéiert sinn wann et fir si néideg schéngt. Et ass am beschten, kannerfrëndlech Informatiounsofferen zesummen, a klengen Zäitintervallen, ze notzen.[1]

[1] Quellen: <https://www.schau-hin.info> www.logo.de www.kika.de <https://kinder.wdr.de/radio/kiraka> https://habilomedias.ca/sites/default/files/pdfs/tipsheet/Fiche-conseil_Comment_eviter_jeunes_soient_bouleverses_couverture_mediatique_guerres_catastrophes.pdf